N°863
Entrée le 06.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.06.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/06/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Wirtschaft, Aussenugeleeënheeten & Aussenhandel weiderzeleeden.**

Wéi d'Lëtzebuerger Land a senger Editioun vum 19.04.2024 mellt, stoung bei der Staatsvisitt vun der groussherzoglecher Koppel an de Vertrieder vun der lëtzebuerger Regierung an der Belsch eng Visitt vun der Firma Jan De Nul Group um Programm, wou den Ex-Wirtschaftsminister Etienne Schneider Member am Verwaltungsrot ass. D'Regierung huet an der Äntwert op meng Fro n°645 erkläert, firwat d'Firma Jan de Nul besicht gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wien huet d'Initiativ ergraff, fir d'Firma Jan de Nul ze besichen? Vu wiem gouf d'Kontaktopnahm gemaach: vum Grupp Jan de Nul, vun der belscher Säit oder vun der lëtzebuergescher Regierung?

2. Gouf et een Afloss, eng Kontaktopnahm oder een direkten Echange mam Ex-wirtschaftsminister Etienne Schneider, fir dës Visite z'organiséieren?

3. Kann d'Regierung bestätegen oder ausschléissen, dass Honorarer bezuelt goufen, fir eng d'Firma Jan de Nul besichen ze goen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°863
Entrée le 08.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n° 863 vum 6. Juni 2024 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen.**

**Ad 1)**

D'Propositioun fir d'Firma Jan de Nul Group ze besiche geet zréck ob eng Invitatioun vun der Eegentemerfamill. De Kontakt ass iwwert d'Lëtzebuerger Ambassade zu Bréissel gelaf, an enker Ofsprooch mat der Handelskummer. Jan de Nul ass zanter Jore Member vum Belgium-Luxembourg Business Club, dee vun der Ambassade an der Handelskummer initiéiert gouf.

**Ad 2)**

Et gouf keen Afloss vum fréiere-Wirtschaftsminister fir dës Visitt op de Programm vun der Wirtschaftsmissioun ze setzen.

**Ad 3)**

D'Regierung huet keng Kenntnis vun Honoraire déi bezuelt gi wieren.

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2024.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN